# Pressemitteilung der ACEL

## ***Europäische Verfassung*** *Studenten sagen ihre Meinung*

Der 10. Juli 2005 wird für Luxemburg ein historischer Tag sein. Per Referendum werden die Bürger Luxemburgs über den Vertrag einer zukünftigen Verfassung für Europa abstimmen. Während die Regierung und die Abgeordnetenkammer versuchen, die Bürger möglichst objektiv über den Verfassungs-Text zu informieren, bilden sich europaweit die „Pro- und Contra-Lager". Auch in Luxemburg bilden die Befürworter und Gegner Lager und versuchen mit mehr oder weniger stichhaltigen Argumenten den Ausgang der Volksbefragung zu beeinflussen.

Die Entscheidung über die Verfassung Europas ist von epochaler Bedeutung und wird entscheidend für die Zukunft Europas sein. Die Tatsache, dass in Luxemburg die Entscheidung direkt beim Volk liegt, wird ausdrücklich von der ACEL begrüßt. Jeder einzelne Bürger ist dazu verpflichtet, sich ausführlich mit dem Für und Wider der Europäischen Verfassung auseinander zu setzen. Jeder Einzelne muss sich ausgiebig informieren, um am 10. Juli die „richtige" Entscheidung treffen zu können. Nie zuvor konnten die Bürger Europas den Fortschritt der europäischen Integration so direkt beeinflussen!

Als größter Studentenvertreter Luxemburgs befasst auch die ACEL sich ausführlich mit dem Verfassungstext und der Volksbefragung. Auf unserer Internet-Homepage (www.acel.lu) finden die Mitglieder unserer 33 Vereine „Links" zu verschiedenen offiziellen Informationsquellen, sowie zu vielen weiteren Internetauftritten, die alle Facetten des Textes ausleuchten. Über unsere Online-Publikationen (e-Leo und e-Zoom) sowie zum Beispiel via unsere Radioplattform („de Studenteneck", jeden Freitag von 19 bis 20. Uhr auf Eldoradio) erreichen wir viele Studenten und wollen somit zu einer umfassenden Aufklärung beitragen.

Da die ACEL laut ihrer Satzung ausdrücklich politisch neutral ist, sieht sie sich ausser Stande, in dieser Frage eine klare Wahlempfehlung für den 10. Juli zu geben. Der Vorstand des grössten Studentenvertreters in Luxemburg befürwortet allerdings den Verfassungstext. Wenn das 21. Jahrhundert ein gutes Jahrhundert werden soll, dann muss es ein europäisches Jahrhundert werden! Allerdings zwingt die ACEL seinen Mitgliedern diese Meinung nicht auf. Wir sind davon überzeugt, dass jeder Studierende sich kritisch mit dem Verfassungstext auseinander setzt und selbst entscheiden kann, wie er am 10. Juli abstimmen wird. Die große Mehrheit der luxemburger Studenten studiert im europäischen Ausland und „lebt" somit in seinem Alltag den europäischen Gedanken. Mit Sicherheit gehören die Studenten zu den Nutznießern der europäischen Integration und werden auch in Zukunft als Akademiker diesen Kontinent entscheidend mitgestalten. Mobilität innerhalb Europas zum Beispiel ist für die Studierenden längst Realität und wird in naher Zukunft immer wichtiger. Die Frage also, in welche Richtung der europäische Zug fahren wird und wer alles mit an Bord sein wird, ist gerade auch für „Akademiker in spe" von allergrößter Bedeutung.

Die ACEL hat ihre Mitglieder zur europäischen Verfassung befragt und veröffentlicht hiermit eine Auswahl an Aussagen zum Text und zur Europäischen Union. Die Studierende aus ganz Europa äußern sich kritisch und zum Teil auch äußerst unterschiedlich zum Verfassungstext.

*Die Meinungen- eine Auswahl*

**"**

*Ech sinn matt der Iddi vun Europa averstaanen, och dass mer eng Verfassung kreien. Ech sinn allerdengs guer nitt averstaanen wei eis daat verkaaft gett : Eisen Premier deen drëit ze demisionneieren, eischt offiziell Texter am Haushalt den 10ten Mee (an daat fir een sou laangen an wichtegen Text...). An vill gudd begrennt Argumenter geint d'Verfassung, wou ech nach keen Politiker heieren hunn deen dozou Stellung hellt! **Mike Dusseldorf- Zürich***

*Ech fannen d'europäesch Verfassung eng Gefoor fir d'Zukunft vun Europa,
well et keng Verfassung as, mee en Traité den op eng relativ ondemokratesch Maneier entstanen as, a wirtschaftspolitesch Richtlinien fir d'Zukunft festleet, wat eng Verfassung net dieft machen. Des Verfassung mecht d'Dieren op fir de Sozialofbau an Europa a verpflicht d'Memberstaaten vun der EU sech militäresch opzerüsten, wat eng grous Gefoor fir de Fridden bedeit an och scho guer net an eng Verfassung erageheiert.
Besser guer keng Verfassung, wei eng schlecht well et geet em eis Zukunft! Gilles Ramponi Student op der Uni Freiburg **Gilles Ramponi- Freiburg***

*Zënter bal 50 Joer huet Europa net opgehalen sech ze vergréisseren an et wëllen ëmmer méi vu Grond op verschidde Länner zu Europa gehéieren. Mir brauchen dës Verfassung (ob einfachen Traité oder net) fir eis, Europäer, eng Richtlinn ze ginn wéi mer zesummen eng gutt, vläit suguer besser Zukunft opbauen kënnen. Datt dës Constitutioun net perfekt ass, ass eis jo all kloer, mä si wäert spéider net nëmmen eng Kéier iwwerschafft ginn, mä déi positiv Punkten déi iwwerweien, sinn sou wichteg fir eist sozialt an demokratescht Zesummeliewen, datt en "JO" eis nëmmen kann e Schratt an déi richteg Richtung weiderbréngen.*
***Isabelle Steinmetz- Nancy***

*Alleng den Fait dass et zu engem Kompromiss komm ass weist dass mer net an enger egoistescher EU sinn, mee dass all Land all di aaner Länner an hiir respektiv Populatioun, an dei respektiv Probleemer, respekteiert.*

*Wann een lo rationell do runn geet an do seet : wann eppes net geet, dann ass et falsch, dann froen ech mech wei et soll an Zukunft weider goen. An daat fannen ech egoistesch, an doriwwer eraus relativ borneiert. **Nicolas Jost- Zürich***

*Also ech sinn fir eng europäesch Verfassung a fillen mech och gudd forméiert. Schliesslech kann een sech jo de ganzen Text zu Lëtzebuerg ufroen (waat ech och gemaach hunn), an de Resume deen jiddereen heem krut gëtt engem jo awer och schon e gudden Iwwerbléck iwwert den Inhalt vun der Constitutioun. **Tom Raths- Strasbourg***

*D'Europäesch Verfassung huet en vue vun engem vereenten Europa secher seng Daseinsberechtegung. Waat de Referendum vum 10. Juli ugeet, sou fannen ech do dass deen eigentlech fir mech net sou direkt eng Daseinsberechtegung huet - en vue que dass d'Decisioun jo soll an der Chamber geholl gin. Trotzdem ass et a mengen Aan wichteg dass d'Bierger d'Meiglechkeet kreien fir hier Meenung oder Bedenken auszedrecken zu engem Thema waat awer net sou einfach kann matt engem klengen "Jo" oder "Nee" gestemmt gin well eben ee ganze Koup aaner Punkten matt der EU Verfassung verbonn sin.*

*En vue vun engem gudden europäesche Matteneen wäert ech den 10. Juli op mengem Breif een "Jo" ukräizen.* ***Jan Reimen- Luxemburg***

*Net alles waat am Verfassungstext steet ass gutt. Villes keint emgeännert an verbessert gin. Mä et geet drems, den europäeschen Integrationsprozess weider ze feieren, an dofier musse mer „Jo" soen! D'Verfassung ass daat, waat mier dono dräus maachen!*
***Laurent Derkum- München***

*Fir mech perséinlech ass dee Referendum wéi d'Fro ob ech léiwer hun wann et donnert oder wann et blëtzt. Ech si géint villes waat an der Verfaasung steht, awer dofir datt mer eng kréien. Dofir wäert ech wuel Jo stëmmen, well d'Konsequenzen vun engem Nee menger Meenung Nee Europa géifen no hanne geheien...* ***Fränk- Strasbourg***

*Eng Europäesch Verfassung ass en weideren groussen Schrett an Richtung vereenegt an starkt Europa. Dei Verfassung, wann se gestemmt get, weist an wei fern sech och EU Bierger mat Europa auserneen setzen an firun allem wei sie sech integreiert fillen. Dofir sin ech perseinlech frou dass sech Letzebuerg sait laangem erem fir en Referendum ausgeschwaat huet. Mee zurglaich fannen ech et traueresch an politesch net korekt wann verschidden Politiker mat hierem Recktrett drohen falls den Referendum géif negativ ausfaalen. Wann den Referendum negativ ausfaalen soll, dann heescht daat nach laang net dass d'Bierger Anti-Europäer sin, mee just dass se nach net genuch opgeklärt sin an nach dei eng oder aner Bedenken hun. An daat ass just legitim an positiv. Et weist dass driwer nogeduecht gouf. An grad dann sin Politiker gefroot deenen hier Missioun et ass och dei läscht Zweifel aus dem Wee ze schaafen. Ech sin dervun iwerzeegt dass daat deen eenzeg richtegen Wee ass; et ass net den Politker hiren Role den Leit Messer op d'Droscht ze setzen.*
*Ech wielen fir d'Verfassung, mee ech hun ganz vill Respekt an Verständnis fir dei Leit dei net esou entscheeden. Politik ass keng Wessenschaft wou alles muss perfekt sin. Politik lierft mat an duerch seng Wieler an muss och kapabel sin Kritiken ze respekteieren an dodrop opzebauen. An wann daat gelengt, dann gesin ech ouni Zweifel eng grouss Zukunft fir en europäescht Mateneen.* ***Dan Haag- Lausanne***

*Ech mengen wann mer et iwert een haleft Johrhonnert an Europa ouni Krieg gepackt hun mat d'Helef vum Conseil de l'Europe, an och eng gemeinsam Währung, Grenzen ofgeschaft hun, droit de l'homme, ... kann een dach nemmen vun dem Erfoleg vun der europaischer Union schwetzen. Consitutioun verankert mei kloer, dass mer all di selvescht Grondrechter (op Lieven, Wunnen, Educatioun...) hun. Wéi sollen mer soss zesummen a Fridden lieven kennen, wann all Land seng Bierger aneschters traiteiert? Autonomie verleieren mer secherlech net méi mat Constitutioun ewei ouni, well 70 % vun neien Gesetzer kommen vun dem europaischen Parlament. An daat soll jo och sou sin, well an enger Zeit vun Globaliseierung, grossen Firma, Menschenhandel, Arbeschtszeiten, Gleichberechtigung an der Schoul...sin mer an engem Stadium wou verschieden Problemer net mei national eleng geleist kennen gin, mee nach iwert Grenzen eweg Folgen hun.* ***Tim- Strasbourg***

**“**